N°4185
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Am Kontext vun den DAP-Formatiounen goufen zwou nei Offeren annoncéiert, dorënner och d'Ausbildung zum Sécherheetsagent. D'Diskussiounen ëm dësen DAP zéien sech schonn eng gewëssen Zäit hin a goufen och schonn an der leschter Legislaturperiod geféiert; deemools hat den Educatiounsminister sech net fir en DAP an deem Beräich ausgeschwat.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister an der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Aus wéi enge Grënn ass dës Formatioun deemools net ënnerstëtzt ginn, a wéi eng Argumenter schwätzen haut dofir, dës Formatioun unzebidden?
- Wéi gëtt de konkrete Besoin fir d'Aféierung vun esou engem DAP am Beräich Sécherheet begrënnt?
- Wat ass de Contenu vun der Ausbildung ?
- Ass dës nei Formatioun am Aklang mat dem neien Gesetz iwwer den Gardiennage?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener
Deputéiert

Dan Biancalana
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4185 vun den honorabelen Deputéierte Francine Closener an Dan Biancalana**

1. **Aus wéi enge Grënn ass dës Formatioun deemools net ënnerstëtzt ginn, a wéi eng Argumenter schwätzen haut dofir, dës Formatioun unzebidden?**
2. **Wéi gëtt de konkrete Besoin fir d'Aféierung vun esou engem DAP am Beräich Sécherheet begrënnt?**

D'ofgeännert Gesetz vun 2008 iwwer d'Beruffsausbildung definéiert a sengem Artikel 3, datt d'Beruffsausbildung zu Lëtzebuerg an engem Partenariat mat de Beruffskummeren an der Salariatskummer organiséiert gëtt. Et war an deem Kader, wou an enger éischter Phas festgestallt gi war, dass zu deem Moment keng Demande fir esou eng Formatioun do war.

Duerch d'Ännerunge vun de Besoinen um Aarbechtsmaart, well an de leschte Joren ëmmer méi op d'Servicer vu private Sécherheetsentreprisen zeréckgegraff ginn ass, an och en vue vun enger Valorisatioun vun deem Beruff, gouf duerno an enger zweeter Phas decidéiert, fir an deem Beräich awer eng Formatioun an d'Liewen ze ruffen.

3. **Wat ass de Contenu vun der Ausbildung ?**

Am Beruffsprofil, dee vun den Chambere validéiert gouf, si follgend Punkte bei der Beschreiwung vum Beruff festgehale ginn, déi dann och am Ausbildungsprofil ausgebaut an an déi verschidde Programmer integréiert gi sinn:

***Description succincte du métier/de la profession***

*L'agent exerce ses fonctions dans des espaces ouverts au public ou non, de nature, par exemple industrielle, commerciale, hospitalière, privative, culturelle, sportive ou publiques.*

*Il accomplit ses diverses missions, dans une structure pourvue d'un service de sécurité interne, ou pour le compte d'une entreprise prestataire de services en matière de gardiennage et de sécurité.*

*Ses missions visent à assurer la sécurité dans les domaines suivants :*

*- La surveillance, protection et sécurité de biens mobiliers et immobiliers ;*

*- La gestion de centres d'alarmes ;*

*- Le transport de fonds ou de valeurs ;*

*- La protection et la sécurité de personnes ;*

*- La surveillance lors d'évènements occasionnels accueillant du public.*

4. **Ass dës nei Formatioun am Aklang mat dem neien Gesetz iwwer den Gardiennage?**

D'Zil vun der Formatioun ass et, datt d'Stagiairen un de Beruff erugeféiert ginn, andeems si déi ausgebilten Agenten an hirem Alldag begleeden. Si ginn also, wat de praktesche Volet vun der Formatioun ugeet, direkt um Terrain ausgebilt, andeems si ënner der permanenter Begleedung a Supervisioun vun erfuerene Mataarbechter un de Missioune bedeelegt ginn.

D'Formatioun ass ausserdeem esou ausgeschafft ginn, datt se am Aklang mam ofgeännerte Gesetz vum 22. November 2002 iwwer de Gardiennage ass, ouni dass dat Gesetz dofir misst adaptéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH